

# Parbréif

Par Regioun Iechternach St Willibrord

Nr 2/24

*Editorial...*

# Faaschtenzäit: Zäit fir Gott, sech selwer a fir d'Matmënschen

Op Äschermëttwoch, dem Ufank vun der Faaschtenzäit, heescht et: „Kéier ëm a gleef un d'Evangelium". Ass dat net eng Opfuederung an d'Gespréich mat Gott ze trieden, d'Gespréich mat Gott ze sichen am Gebiet? Eng Opfuederung d'Bibel opzeschloen an déi Frou-Botschaft vu Christus (d'Evangelium) ze liesen (zesummen, eleng oder an engem Bibelgrupp)? Heescht dat net och: Kéier ëm a kuck d'Welt nei, kuck d'Welt nei mat den Ae vu Jesus? Mat den Ae vu senger onendlech grousser Léift... ma den Ae vum Häerz.... Dem Jesus seng Botschaft ass e Weeweiser fir eis. E Wee vum Liewe mat gudde Wäerter, wéi Léift, Freed, Fridden, Gläichheet, Guttheet, Gerechtegkeet, Hëllefsbereetschaft, Frëndschaft, jo friddlechem Zesummeliewen.

Wa mir d'Aen opmaachen an an d'Welt erauskucken, da kann een dat jo net grad behaapten. Do sinn et éischter Muecht, Haass, Näid, Ongerechtegkeet, Onfridden, Zerstéierung... déi sech breet maachen. Fille mir eis hei net oft schwaach an hëlleflos? Mee ass dann awer net all klenge Schrëtt vu guddem Mateneen an tëschemënschlecher Léift e Schrëtt an déi richteg Richtung?

**Faaschtenzäit, Zäit fir Gott** ze sichen an ze fannen. Z.B. an der Natur, am Gebiet oder matten am Liewen. Zäit huele fir an der Stëllt Gott ze fannen: dobaussen an der Natur, am Bestaune vun der Schéinheet vun der Natur, an de Geräischer vun der Natur an den Déieren, am Beobachte vum Stärenhimmel a villes méi.

Zäit fir Stëllt an engem rouegen Eck doheem bei besënnlecher Musek an dobäi u Gott denken, mat him schwätzen, Froe stellen, him erzielen, sech him ganz uvertrauen.

Zäit an der Stëllt an enger Kierch, enger Kapell, enger Grott, engem Weekräiz, enger helleger oder uspriechender Plaz oder engem aneren Hellegtum. Et ass dach schéin sech Gott uvertrauen ze kënnen, dee mech versteet a mech ëmmer gär huet. An a Jesus Christus e Frënd ze hunn, deen ëmmer bei mir ass, mech dréit a mech stäipt an alle Situatiounen vum Liewen.

Awer och vläicht de Glawen u Gott an der Gemeinschaft sichen, zesumme bieden, mat anere iwwer de Glawe schwätzen oder Bibeltexter zesumme liesen an driwwer schwätzen, austauschen.

De Glawen u Jesus Christus a seng gutt Noricht kann eis Halt schenken um Liewenswee a mécht eis staark fir dat Gutt a schwaach fir dat Béisst.

**Faaschtenzäit, sech Zäit huele fir sech selwer**, fir zur Rou ze kommen. Zäit fir Stëllt, fir an sech eran ze lauschteren, fir d'Gedanken, d'Séil hänken ze loossen, baumelen ze loossen, fir nozedenken iwwert d'Liewen.

Wat ass wierklech wichteg fir eist Liewen? Wat gëtt mengem Liewen e Sënn? Mir sollen eis dofir selwer unhuelen mat eise Stäerkten a Schwächen, an eis net vun de Begabunge vun anere blenden a leede loossen, eis net matrappe loosse vum Trend a Stroum vun der Zäit. Soss bestëmmen ëmmer anerer eist Liewen.

Esou kann an eis dat zum Liewe komme wat an eis liewe wëll. Loosse mir eis leede vun eiser ënnerlecher Wëllenskraaft fir de

**Titelbild**: Kreuzaltar Kapelle Dickweiler (Detail) © Tom Osborne | Erklärung S. 20-21

Wee vun a mat Gott ze goen.

Huele mir eis Zäit, fir eisen ënner Fridden ze fannen.

Chrëschtlech Faaschtenzäit heescht och sech nei orientéieren, de Liewensstil änneren, Weeër vum Liewe korrigéieren, anere Weeër vum Liewe goen, d'Welt nei kucken an entdecken an dat mam Bléck op Jesus Christus.

**Faaschtenzäit, sech Zäit huele fir d'Matmënschen**. Sech Zäit huele fir anere nolauschteren, fir anerer do ze sinn, hëllefsbereet ze sinn, mateneen ze deelen. Et ass d'Gebot vun der Nächsteléift fir net nëmmen u sech ze denken.

Et ass d'Bridder- a Schwësterlechkeet déi hei gefrot ass. Als Chrëschten hu mir ganz vill Bridder a Schwësteren op der ganzer Welt. An et geet hinnen nach laang net alleguer gutt. Ass et net och dofir grad an der Faaschtenzäit wichteg fir ze deele mat deenen Äermsten op eiser Welt? Eis anzesetze géint den Honger, d'Aarmut, d'Ongerechtegkeet an all Nout op der Welt? Hei gëtt et vill Hëllefs- a Missiounswierker wou mir kënnen auswielen, matmaachen an ënnerstëtzen.

Awer och sech Zäit huelen, fir krank Mënschen ze besichen, Menschen déi eleng, verzweifelt oder verlooss sinn. Mir solle grad an der Faaschtenzäit eis Aaen opmaachen an do si wou eis Hëllef gebraucht gëtt.

Kucke mir duerch de Brëll vum Jesus, fir deen all Mënsch wäertvoll ass. Schaffe mir mat, fir eppes an dëser Welt ze veränneren, Mënschen opzeriichten a wäertzeschätzen an och an der Kierch nei Weeër opzebauen, wou jiddereen eng Plaz dierf hunn.

Am Matthäusevangelium steet geschriwwen: „Ihr seid das Salz der Erde…. Ihr seid das Licht der Welt…" Heescht dat net och, datt mir eis sollen asetze fir eng besser Welt, fir d'Räich Gottes an eiser Welt ze verwierklechen. Mir sollen eise Planéit, Natur an Ëmwelt schützen an erhalen.

Vertraue mir dobäi op d'Hëllef an d´Kraaft vu Jesus Christus, fir eis leede ze loossen vu sengem Geescht a senger gudder Noriicht, dem Evangelium. Loosse mir d'Salz fir eis Äerd sinn dat de Geschmaach net verléiert an eis net verstoppen, mee duerch gutt Wierker an Doten op eist chrëschtlecht Handelen an eis chrëschtlech Wäerter opmierksam maachen.

An deem Sënn wënsche ech iech, och am Numm vun der Pastoralekipp, eng besënnlich Faaschtenzäit mat Zäit fir Gott, fir iech selwer a fir d'Matmënschen.

*Luc Zimmer*

# Parbréif Inhalt


| | | | |
|---|---|---|---|
| Editorial… | 2 | Liestipp | 23-25 |
| Masseprorgramm | 4-14 | Journée des malades | 26-27 |
| Impressum | 15 | Dëst & dat | 29 |
| Karwoch an Ouschteren | 16 | Jugend-Kanner | 30 |
| Bibel | 18-19 | dat (Vir-)Lescht | 31 |
| Dickweiler (Titelbild) | 20-21 | 250 Joer Lënster Kierch | 32 |

# 1. Faaschtesonndeg B

"Invocabit"

Mk 1,12-15

**Samschdes 17.02.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Bech | 18.00 | **Virowendmass** St Elise Speller-Ludwig (1998) / St Prosper Dupont (1997) |
| Herborn | 18.00 | **Virowendmass** Fam Weydert-Lutz-Kleyr / Nelly Müller-Weydert |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** 6. Wm Jean Kuffer /1. Jm Gerty Horn / 6. Jm Henri Wohl |

**Sonndes 18.02.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** Nicolas Lanser / Fam Weydert-Glaesener a Metty Weydert |
| Echternach | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par |
| Osweiler | 10.30 | **Mass** 2. Jm Jean Przyblskina |
| Osweiler | 11.45 | **Daffeier** fir Eliana Almeida Borges |
| Beaufort | 10.45 | **Mass** Jean-Pierre Hoff |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Jm Maria Berns, Jm Maria Colling / St abbé Pierre Ries a Fam |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** Jm Irma Hauer-Sauber |

**Méindes 19.02.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z.E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |

Nach seiner Taufe "trieb der Geist Jesu in die Wüste". Die Wüste ist der Ort, an dem der Mensch allen bisherigen Bindungen entsagt. Er ist auf sich gestellt und stellt sich seinem Gott. Er widersteht den Versuchungen dieser Wüstenzeit, die ihn auch vorbereitet auf seine öffentliche Mission.

Auch wir erfahren, wie verschiedene Kräfte oder auch Mächte versuchen, auf unser Leben einzuwirken. Sie möchten uns auch beherrchen. Die Fastenzeit will uns helfen, diesen Kräften etwas entgegenzusetzen und ihre Macht über unsere Lebensführung zu brechen.



| **Dënschdes 20.02.** | | ***Virun 346 Joër, den 20. Februar 1678, gouf Maria, Tréischterin am Leed, zur Patréinesch vum Herzogtum Lëtzebuerg erwielt*** |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass |
| Osweiler | 09.30 | Mass Priscille, Louis-Marie, Felicia |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St fir Fam Hippert-Nickels-Lehnen, Eugène Bestgen, Franz Hippert a Marie Steichen (C 2006) |
| Junglinster | 18.00 | Date mat Gott |
| **Mëttwochs 21.02.** | | |
| Echternach | 09.00 | Kräizweemeditatioun a Mass (Muttergotteskapell) Jm Sr Victorine Cariers / Jos Ries a Fam |
| CIPA-Lënster | 11.00 | Mass Fam Schmit-Eiffes |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| **Donneschdes 22.02.** | | *Kathedra Petri* |
| Echternach | 09.00 | Mass |
| Osweiler | 18.00 | Kräizwee duerno Beichtgeleeënheet |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |
| **Freides 23.02.** | | |
| Echternach | 09.00 | Mass Marianne Bischoff |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Rosport | 18.30 | Mass |
| Echternach | 20.00 | **Mir liesen d'ganz Markusevangelium** Eng Bibelnuecht an der Krypta *(et dauert gutt 2 Stonnen, d'Heizung ass un!)* |



Le carême est pour chacun et chacune d'entre nous l'occasion de renouveler notre engagement chrétien en alimentant notre foi à la parole de Dieu et en nous rappelant que «nous ne vivons pas seulement de pain». (Mt 4, 4) Pendant ces quarante jours, le Christ nous invite à nous joindre à sa «révolution», une révolution intérieure qui commence d'abord en chacun et chacune de nous.

L'essentiel de ce processus de conversion est de nous attacher à la personne du Christ. Une fois ce lien établi, nous pouvons plus facilement lutter contre le mal. On connaît bien la «conversion» de saint Paul. Il n'était pas un grand pécheur, bien au contraire car, selon la loi juive, il était un homme irréprochable, mais il a adhéré à Jésus Christ, et cela a bouleversé sa vie.

*Père Yvon-Michel Allard*

# 2. Faaschtesonndeg B

"Reminiscere"

Mk 9,2-10

**Samschdes 24.02.** *Hl. Matthias, Apostel*

Echternach 15.00 Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)

Beaufort 18.00 **Kannergottesdéngscht**

Born 18.00 **Virowendmass** Alphonse Weydert an Elteren
Fam Gust a Ketty Scheuer-Schaf

Godbrange 18.30 **Virowendmass**

Echternach 18.30 **Virowendmass** 2. Jm Augusto Gomes de Carvalho

**Sonndes 25.02.**

Girsterklaus 09.00 **Mass** Aloyse Mirkes

Echternach 09.00 **Mass**

Altrier 09.00 **Mass** z.E. v. hl. Matthias / Irma Meyers-Schmit / Els Prim-Houtvast / Jm Anne-Marie a Felix Hilger-Colbette / St Fam Klein, Nemers a Neu (1999) / St fir d'Marscherleit (1998)

Echternach 10.30 **Mass** fir d'Par

Steinheim 10.30 **Gottesdéngscht**

Berdorf 10.45 **Mass** 6. Wm Charlotte Schmit-Reisdorf / 1. Jm Marcel Adehm / 1. Jm Alphonse Schmit a Marie-Louise Schmit-Halsdorf / Jm Eugénie Reisdorf-Linden / St Dechant Mathias Dondelinger a Fam Dondelinger-Petry / St Camille Fischbach, Marg. Huberty a Fam (2020) / Angela an Angelo Verna-Comes

Junglinster 10.45 **Mass** Henriette Hellers-Flies / Marcel a Jean Beck

Echternach 11.45 **Daffeier** Gabriel Gonçalves Dos Santos

Girsterklaus 15.30 **Rousekranz**

Echternach 18.30 **Owesmass**

**Méindes 26.02.**

Echternach 09.00 Mass (Krypta) z.E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger

Rosport 18.00 Kannergottesdéngscht

*Seigneur Dieu, tu nous as dit d'écouter ton Fils bien-aimé;*
*fais-nous trouver dans ta parole*
*la nourriture de notre vie spirituelle,*
*afin que, d'un regard purifié,*
*nous ayons la joie de contempler ta gloire.*

**Dënschdes 27.02.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Jos a Marie Wohner-Schmit a René Wohner |
| Osweiler | 09.30 | Mass für Anliegen ewiger Stiftungen |
| Altlinster | 18.00 | Mass Margit Kolbach-Herschbach, Cecile a Remy Kolbach-Miny |
| Echternach | 19.00 | Date mat Gott |

**Mëttwochs 28.02.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Kräizweemeditatioun a Mass (Muttergotteskapell) Jm abbé Roger Kinsch |
| Beaufort | 10.30 | Mass (Seniorenresidenz) |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdes 29.02.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Elise Hoffmann |
| Herborn | 18.00 | Kräizwee duerno Beichtgeleeënheet |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |

**Freides 01.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung FPMP |
| | *duerno* | Stëll Anbetung bis 10.00 Auer |
| Echternach | 15.00 | Krankewallfahrt |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Moersdorf | 18.30 | Mass, duerno kuerz Häerz-Jesu-Andacht |



# 3. Faaschtesonndeg B

Joh 2,13-25

"Oculi"

**Samschdes 02.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) Jm Anna a Jos Schaak-Elsen, Alex Elsen |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Breidweiler | 18.00 | **Virowendmass** Jm Eugène Demuth a Fam Demuth-Arend / Alice, Marcel a Jean-Marie Schmit, Pierre a Pauline Laugs-Stassen / Jean Wewer a Fam / St Fam Huberty (1992) |
| Mompach | 18.00 | **Virowendmass** |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** Jm Jos Petesch |

**Sonndes 03.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** Fam Weydert-Glaesener a Metty Weydert / Jm Emile Schroeder / Monique a Josy Schiltz-Girst |
| Echternach | 09.00 | **Mass** René Hoscheid / op Meenung JJ |
| Hemstal | 10.00 | **Gottesdéngscht** 6. Wm Agnes Lenertz-Reckinger |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par |
| Rosport | 10.30 | **Mass** Jm Josy Reiter / Fam Leonardy-Weydert-Kremer, Jm Anna an Emile Leonardy |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** 1. Jm Eugénie Colbach-Hemmer a Nicolas Colbach<br>2. Jm Denis Dimmer |
| Echternach | 11.45 | **Daffeier** fir Yanis Peffer |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Girsterklaus | 16.00 | **Andacht** **--> déi 1. Andacht fir 2024** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** 2. Jm Raymond Hoffmann<br>Fam Schmitz-Lutgen a Schuller-Fandel |

**Méindes 04.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z.E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |

**Liebe und tue, was du willst. Schweigst du, so schweige aus Liebe! Redest du, rede aus Liebe! Die Wurzel der Liebe sei in deinem Inneren: Aus dieser Wurzel kann nur Gutes kommen.**

*Augustinus*

**Dënschdes 05.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Mathilde Kremer-Rehlinger |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St Fam Dupont-Schumann |
| Junglinster | 18.00 | Date mat Gott |

**Mëttwochs 06.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Kräizweemeditatioun a Mass (Muttergotteskapell) 1. Jm Jos Rollinger / Sr Renée Muller |
| CIPA-Lënster | 11.00 | Mass |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdes 07.03**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Fam Kohn-Parisot |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |
| Girsterklaus | 18.30 | Gebietsowend - Rousekranz |
| | 19.00 | Mass fir d'Erneierung vum Glawen a fir Beruffungen, duerno Stëll Anbetung bis 20.30 Auer |

**Freides 08.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass op Meenung |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |



Der Tempel, in dem Gott mit seiner Gewalt und nach seinem Willen herrschen will, das ist des Menschen Seele. Darum will Gott diesen Tempel frei haben, sodass rein nichts mehr in ihm sein soll als Er selbst.

*Meister Eckhart*

# 4. Faaschtesonndeg B

Joh 3,14-21

"Laetare" - Halleffaschten

**Samschdes 09.03.** *MAFREMA*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 10.45 | Mass mat de Letzebuerger Massendénger |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannnergottesdéngscht** |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Moersdorf | 18.00 | **Virowendmass** |
| Godbrange | 18.30 | **Virowendmass** St Fam Neuens-Bück a Neuens-Schiltz |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** op Meenung MM |
| Echternach | 20.00 | **Messe** pour la communauté portugaise |

**Sonndes 10.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** Fam Weydert-Glaesener a Metty Weydert |
| Hemstal | 09.00 | **Mass** Jm fir Irma Meyers-Schmit / Fam Laschette-Wintersdorf<br>St fir d'Marscherleit |
| Echternach | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par |
| Osweiler | 10.30 | **Mass** |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** 6. Jm Josy Weydert / St Fam Sauber-Hommel |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** z.E. v. hl. Jousef |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Fam Feilen-Schacht |

**Méindes 11.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z.E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |

So wie die Israeliten zur ehernen Schlange aufschauten und ihr Leben vor dem Tod retten konnten, so dürfen alle sicher sein, dem ewigen Tod zu entrinnen, die aufschauen zum Kreuz und zum Gekreuzigten. Sie bekennen ihren Glauben an Jesus Christus, den Sohn Gottes und Erlöser. Auf ihn setzen sie ihr Vertrauen.

*Ludwig Gschwind*



© Peter Kane

**Dënschdes 12.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Marie-Josée Kuffer a Fam |
| Osweiler | 09.30 | Mass |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass St Pierre Huss, Anna Weber a Fam (B1999) |
| Rodenbourg | 18.30 | Mass St Fam Freimann-Steichen |
| Echternach | 19.00 | Date mat Gott |

**Mëttwochs 13.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Kräizweemeditatioun a Mass (Muttergotteskapell) Fam Zimmer-Heuskin / Jos Ries a Fam |
| Beaufort | 10.30 | Mass (Seniorenresidenz) |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdes 14.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Weber |
| Mompach | 18.00 | Kräizwee duerno Beichtgeleeënheet |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee |
| | 19.00 | Vesper |

**Freides 15.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Kohn-Parisot |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Born | 18.30 | Mass St Fam Hein-Lies |



# 5. Faaschtesonndeg B "Iudica" Joh 12,20-33

*Kollekte fir partage.lu - Bridderlech Deelen*

**Samschdes 16.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Berdorf | 16.30 | **Kannergottesdéngscht** |
| Bech | 18.00 | **Virowendmass** Marie-Louise Steffes a Fam / St Rosa Baum an Elteren (1999) / St Fam Goedert-Alff (1999) |
| Herborn | 18.00 | **Virowendmass** Fam Braun-Schoellen-Meiers / Fam Weydert-Lutz-Kleyr / Nelly Muller-Weydert |
| Gonderange | 18.30 | **Virowendmass** Nicole Kremer-Frank, Jos Goebel-Kieffer, Flore a J-P Kremer-Steffen, Irma an Emile Kieffer-Linden, Armand Seyler-Kieffer |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** op Meenung IS |

**Sonndes 17.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** Louise Pepin a Fam |
| Echternach | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / 30. Jm Theo Herckes<br>Fam Herckes-Melchers a Kremer an Heller |
| Steinheim | 10.30 | **Mass** Fam Werdel-Palgen / Fam Schiltz-Schenten / Hubert Conjaerts |
| Beaufort | 10.45 | **Mass** Jean-Pierre Hoff / 1. Jm Lucie Fisch-Weckering |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Josy Theisen, Susanne a Jean-Pierre Theisen-Reicher<br>St Fam Herzog-Hoffmann |
| Echternach | 13.00 | **Gebet** - Krypta Jugendgruppe, Dronten NL |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** z.E. v. hl. Jousef |
| Bollendorf-Pont | 18.00 | **Gottesdéngscht** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Fam Wohl-Sauber |

**Méindes 18.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z.E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Rosport | 18.00 | Kannergottesdéngscht |

Was heisst leben? Jesus sieht es so: Im Leben geht es nicht zuerst um mich und mein Leben, sondern um den anderen, um die andere. Wer ihnen Leben gibt, der lebt wirklich. Ich lebe, wenn ich Leben gebe. "Wenn das Weizenkorn nicht in die Erde fällt und stirbt, bleibt es allein; wenn es aber stirbt, bringt es reiche Frucht."



**Dënschdes 19.03.** ***Héichfest vum Hl. Jousef***

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Julie Alberty a Fam |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Mass z.E. v. hl. Jousef, Patroun vun der Seniorie |
| **Girsterklaus** | 14.30 | Rousekranz a Lidder z. E. v. hl Jousef |
| | 15.15 | **Festmass \| Ouverture vun der Pilgersaison** z.E. v. hl. Jousef / fir all Pilger / Jos an Angy Bisenius / Josiane Werdel |
| Altlinster | 18.00 | Mass |
| Junglinster | 18.00 | Date mat Gott |

**Mëttwochs 20.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Kräizweemeditatioun a Mass (Muttergotteskapell) abbé Jos Hirt |
| CIPA-Lënster | 11.00 | Mass |
| Echternach | 18.30 | Kanner- a Familljemass |

**Donneschdes 21.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass St Fam Leiner-Schott |
| Echternach | 18.30 | Kräizwee (Fraen a Mammen) |
| | 19.00 | Vesper |

**Freides 22.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Fam Kohn-Parisot |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner- a Familljemass |
| Born | 20.00 | Kräizwee am Fräien |

# Partage.lu - Bridderlech deelen

1966 vum Bëschof vu Lëtzebuerg gegrënnt, setzt sech d'Fondatioun Partage-Luxembourg-Bridderlech Deelen zënter méi wéi 50 Joer fir eng Verbesserung vun de Liewensbedéngungen vu Gemeinschaften an Afrika, Latäinamerika an an Asien an.

**An de Kierchen fannt Dir Enveloppen fir d'Faaschtenaktioun 2023.**

Dir kënnt Äeren Don och iwwerweisen op de Konto:

**CCPL LU74 1111 1261 0097 0000**

fondation partage luxembourg

# Pällemsonndeg

## Ufank vun der Karwoch

**An alle Massen gëtt de Pällem geseent,
bréngt w.e.g. de Pällem mat**

**Samschdes 23.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Beaufort | 18.00 | **Kannergottesdéngscht** |
| Born | 18.00 | **Seene vum Pällem** an der Morgue, **Prëssessioun an Virowendmass** Jos Hein a Kanner |
| Godbrange | 18.30 | **Virowendmass** Henri Kerger a Fam Wurth-Schreiber, Kerger-Damé |
| Echternach | 18.30 | **Virowendmass** 1. Jm Germaine Zeches-Palgen, 5. Jm André Zeches |

**Sonndes 24.03.**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **keng Mass** |
| Echternach | 09.00 | **Keng Mass** |
| Rosport | 09.30 | **Pällemwei** beim Schlass, **Prëssessioun** an d'Kierch |
| | duerno | **Mass** Fam Steichen-Trierweiler |
| Echternach | 10.00 | **Pällemwei** am Stadpark beim Pavillon **Prëssessioun** an d'Basilika |
| Echternach | 10.30 | **Mass** zesummen mat de Kommuniounskanner / fir d'Par |
| Consdorf | 10.45 | **Mass** Charlotte a Roger Schroeder-Stelmes / Fam Wolff-Flammang a Wolff-Dostert / Hélène a Louis Welter-Jungels a Bertha a Nic Gros-Schmit / Jm René Herckes a Fam Herckes-Demuth |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Marcel a Jean Beck / Christophe a Marguerite Weydert-Konsbrück a Josy Weydert / Jm Julie Mangen a Fam |
| Echternach | 11.45 | **Daffeier** Nala a Kian Neu |
| Echternach | 12.40 | Gebiet an der Krypta Jugendgrupp, Meeresboden NL |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| | 16.00 | **Andacht** Astëmmung an d'Karwoch |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** |

**Impressum** Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord
Oploo: 3000 Ex., kënnt ca 8 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnt de 24. Mäerz eraus a geet bis de 12. Mee 2024.
**Redaktiounsschluss 1. Mäerz 2024**

# Kontakt

**Francis Erasmy**, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 💻 ferasmy@pt.lu
**Carlo Morbach**, Paschtouer, ☎ 621 197083 💻 carlo.morbach@cathol.lu
**Luc Schreiner**, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052
**Anise Metz**, Parassistentin , ☎ 720149 💻 aimetz@pt.lu
**Josiane Mirkes**, Parassistentin, ☎ 621263256 💻 josiane.mirkes@education.lu
**Luc Zimmer**, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 💻 luc.zimmer@cathol.lu

**Konto Parbréif:** BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

## Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 , 💻 iechternach@cathol.lu
**De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer**
oder op Rendez-vous
iwwer Telephon si mir ereechbar.

### Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster , ☎ 780043
**Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer**
(de Büro ass zou an de Schoulvakanzen)

## Konto Massintentiounen:

BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
Kierchefong C.T. / Reg Iechternach
*Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer*

***Um Internet:***
eist **Parliewen** fannt Dir op: **cathol.lu/iechternach**
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: **basilika.lu**
d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: **lensterkierch.lu**

# Karwoch an Ouschteren

## an der Par Regioun Iechternach St Willibrord

### Gründonnerstag 28.03.

| | | |
|---|---|---|
| Berdorf | 17.00 | Kannergottesdéngscht |
| Consdorf | 18.30 | Mass vum leschten Abendmahl |
| Echternach | 18.30 | Mass vum leschten Abendmahl |
| Herborn | 19.30 | Mass vum leschten Abendmahl |

### Karfreitag 29.03.

| | | |
|---|---|---|
| Moersdorf | 15.00 | Passiounsandacht<br>*duerno* Ufank vun der Barmhäerzegkeetsnovene |
| Echternach | 15.00 | Kräizwee |
| Beaufort | 17.00 | Kannergottesdéngscht |
| Rosport | 17.00 | Kannergottesdéngscht |
| Echternach | 18.30 | Feier vum Leiden an Stierwen Christi |

### Karsamstag - Osternacht 30.03.

| | | |
|---|---|---|
| Bech | 11.00 | Feier fir Kanner a Familljen |
| Girsterklaus | 11.00 | "D'Stonn vun der Mamm" - Gebietsmoment |
| Hemstal | 18.00 | Feier vun der Ouschternuecht |
| Echternach | 20.00 | Feier vun der Ouschternuecht |
| Rosport | 20.00 | Feier vun der Ouschternuecht |

### Ostersonntag 31.03.

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | Ouschtermass |
| Echternach | 09.00 | Ouschtermass |
| Beidweiler | 09.15 | Ouschtermass |
| Echternach | 10.30 | Ouschtermass |
| Steinheim | 10.30 | Ouschtermass |
| Junglinster | 10.45 | Ouschtermass |
| Berdorf | 10.45 | Ouschtergottesdéngscht |
| Beaufort | 10.45 | Ouschtermass |
| Born | 18.30 | Ouschtermass |
| Echternach | 18.30 | Ouschtermass |



### Ostermontag 01.04.

| | | |
|---|---|---|
| Altrier | 09.00 | Ouschtermass |
| Echternach | 10.30 | Ouschtermass |
| Mompach | 10.30 | Ouschtermass |
| Breidweiler | 10.45 | Ouschtermass |
| Bollendorf-Pont | 10.45 | Ouschtergottesdéngscht |
| Osweiler | 15.30 | Celsusfeier - Houmass<br>duerno Seene vun Päerd, Veloen, Trakteren, Autoen, etc. |

# Beichtgelegenheiten

| | | | |
|---|---|---|---|
| Echternach | **Jeden Samstag** | 15.00-15.30 | Beichtgelegenheit |
| | **Karsamstag 30. März** | 09.00-10.30 | Beichtgelegenheit |
| | | 15.00-16.00 | Beichtgelegenheit |
| Junglinster | **25. März** | 18.30 | Bussgottesdienst mit Beichtgelegenheit |

**In der Gemeinde Rospert-Mompach:**
**jeweils Donnerstags nach dem Kreuzweg um 18.00 Uhr:**
Osweiler: 22.02. - Herborn: 29.02. - Mompach: 14.03.

# Klibberen op de Kardeeg

Et ass eng al Traditioun, datt op de Kardeeg d'Kanner an d'Jugendlech, resp. d'Massendénger, als Ersatz vum Lauden vun de Klacken klibberen ginn. Mir wiere frou, wann sech och dëst Joer vill Kanner a Jugendlech an all eisen Uertschafte kéinten engagéieren an deen Déngscht fir eis Par iwwerhuelen. Mellt iech bäi de Verantwortlechen oder bei der Pastoralékipp. Natierlech ginn d'Klibberkanner och um Karsamschdeg ophiewen. Denkt also drunn a gitt hinnen eng kleng Belounung.

# Massendénger Gemeng Konsdref

## siche Verstäerkung !

Meedercher a Jongen vum Cycle 3 un sinn häerzlech wëllkomm fir aktiv bei de Massendénger mat ze maachen.
Kontakt: massendengerconsdorf@pt.lu - Tel: 621 622 511

All Schoulkanner vum Cycle 3 un sinn häerzlechst invitéiert fir an der Gemeng Konsdref op Karfreideg a Karsamsdeg mat klibberen ze goen (och wann dir keng eege Klibber hutt). Fir all weider Informatiounen): massendengerconsdorf@pt.lu

Sech an der Kierch aktiv engagéieren?
Flott Aktivitéiten am Grupp erliewen?

**Komm bei d'Massendénger!**

S'engager à l'Église ?
Envie d'activités en groupes ?

**Deviens Servant d'autel !**

LËTZEBUERGER MASSENDÉNGER



Kontakt / contact
massendenger@cathol.lu
https://cathol.lu/massendenger

# Bibel - Quell vum chrëschtleche Glawen

Wann d'Bibel eng vun den Haaptquellen vum chrëschtleche Glawe soll sinn, da geet et sécher net duer, datt mir eemol am Joer de „Sonndeg vum Härgott sengem Wuert" feieren. Et geet kee Wee laanscht de reegelméissegen an déiwe Kontakt mat der Helleger Schrëft, dee nëmme méiglech gëtt duerch d'aktivt Liese vun der Bibel, am Dialog mat de Liewensfroe vun ons alleguer. Den hellegen Hieronymus, Kierchepapp aus dem 4. Joerhonnert, déi dreiwend Kraaft bei der Iwwersetzung vun der Bibel op Latäin (Vulgata) huet et sou gesot: „Ignoratio Scripturarum, ignoratio Christi", wann een d'Helleg Schrëft net kennt, da kann ee Christus net kennen. Esou einfach ass et. Einfach ass et allerdéngs net!

D'Pastoralekipp vun der Par Regioun Iechternach proposéiert eng Rei Angeboter:

## **Bibeltreff** Freides moies

Dëse Grupp vun enger Dose Leit liest eenzel Bibel-Schrëften „vum Ufank bis zum Schluss" (Lectio continua). Bis elo hunn si d'Lukasevangelium, d'Matthäusevangelium, d'Johannesevangelium, souwéi eng Rei vum hellege Paulus senge Bréiwer zesummen gelies. De Moment setze si sech mam mam Buch Genesis auseneen.
Leedung: Tom Osborne

All Freides moies, vum 9.00-11.30 Auer am Parsall zu Iechternach (beim Parbüro)

## **Vesper an der Basilika** Donneschdes owes

All Donneschdeg-Owend (ausser de Schoulvakanzen) gëtt d'Vesper gesongen, eng Zäit vu Gebiet a Gesang mat der Helleger Schrëft an der grousser benediktinescher Traditioun vun der Abtei zu Iechternach.
**Donneschdeg-Owes, 19.00 Auer an der Basilika (Stëll Anbetung: 18.30 Auer)**

## „Tolle lege – Huel a lies"

sou huet den Hellegen Augustinus den Impuls vu Kanner kritt, (déi gespillt hunn) fir selwer aktiv an der Bibel ze liesen! D'Pastoralekipp géif sech wënschen, datt och Dir d'Freed entdeckt, fir an der Helleger Schrëft ze liesen, am beschten an ärer eegener Bibel, am Internet… jee, iwwerall, wou Dir de Räichtum vun deenen Texter entdecke kënnt. Zesummen um Wee, mat Iech, mam Wuert vu Gott!



# Éischt Schrëtt an der Bibel

*En Owend fir sech am Buch „mat de siwe Siggelen“ erëmzefannen*

**Méindes 19. Februar | 19.30 Auer**

**Parzenter Lënster** (nieft derKierch)

**„Mir maachen d'Bibel op...“** (Opbau, Buch oder Bibliothéik, Zitatiounen, Entstehung vun de Schrëften a vun der Sammlung vun de Schrëften, Urtexter an Iwwersetzungen, Kathoulesch Bibelen - protestantesch Bibel, asw.)

Leedung: Tom Osborne, pensionéierte Bibelprofesser, zesumme mat enger Ekipp



# Liesowend an der Basilika

Mir liese d'Markusevangelium ganz ...

**Freides 23. Februar | 20 Auer | Krypta**

Eng häerzlech Aluedung fir jiddereen
Bréngt w.e.g. Är Bibel mat!

# Bibelowender

*Mir liesen d'Markusvangelium*

An 10 Owender verdéiwe mir déi eenzel Abschnitter vum Markusevangelium.

**Méindes vun 19.30 - 21.30 Auer**

**Veräinshaus** (passage des Demoiselles, Iechternach)

Leedung: Tom Osborne, pensionéierte Bibelprofesser
zesumme mat enger Aarbechtsgrupp

Bibelowender:

| | | | |
|---|---|---|---|
| **04. März** | Mk 1 | **03. Juni** | Mk 10,46-12,44 |
| **18. März** | Mk 2,1-3,35 | **17. Juni** | Mk 13,1-37 |
| **15. Abrëll** | Mk 4,1-6,6a | **08. Juli** | Mk 14,1-72 |
| **29. Abrëll** | Mk 6,6b-8,30 | **September** | Mk 15,1-47 |
| **13. Mee** | Mk 8,31-10,45 | **Oktober** | Mk 16,1-9 |

# Dickweiler - gëtt et dat wierklech?

Esou hat viru Jore e Kierchemann mech gefrot. Haut weess dës Persoun aus onsem Poopst François sengem enke Berodergremium, datt et zu Dickweiler net just eng kleng léif Kierch, ma och nach eng sympatesch Duerfwiertschaft gëtt.

Wie vu baussen op d'Dickweiler Kapell kuckt, ka mengen: Dat Kierchegebai mat sengem Kierfecht ronderëm ass näischt besonnesches. An der Kaplanei vun der fréierer Por Rouspert fanne mir e Gotteshaus, wéi si méi dack an der zweeter Hallschent vum 19. Jorhonnert a Lëtzebuerger Dierfer gebaut gi woren. Tatsächlech fanne mir zu Iernster en (entretemps entweihte) Kierchebau, dee vu baussen der Dickweiler Kapell a villem gläicht.

Aussergewéinlech sinn zu Dickweiler déi dräi al Altär an der Kapell. Hei hu mir dräi Konschtwierker aus der „Hans-Rupprecht-Hoffmann-Schule" vun Tréier vu no 1630. En Atelier, dee ganz vill an der Stad Tréier an an der Géigend geschafft huet. Dofir fanne mir zu Dickweiler wéi och op den Dierfer ronderem méi dack Barockaltär aus Steen, déi soss zu Lëtzebuerg éier rar sinn.

Wien den Héichaltor mat senger dominanter Mëchelsfigur kuckt, erkënnt um Erzengel. datt dëst kaum en ursprünglech Dickweiler Kierchemiwwel ka sinn. D'Kapell steet nämlech ënnert dem Patronat vun der helleger Maria Magdalena, der Apostelin vun den Apostelen, deem éischte Mënsch beim eidele Graf vun operstaanene Christus an d'Fra, déi dës onglaublech Ouschternoriicht bei d'Apostele gedro hat. Och fanne mir och hier Statue um Héichaltor, ma vill méi diskret. De Mëchel féiert iwwert de Michelsberg op déi fréier Porkierch vun den Dickweiler zu Rouspert, wou hie Kierchepatréiner ass. Déi dräi




Altär staame nämlech alleguer aus dem Virgängerbau vun der aktueller Rousperter Kierch. Nodeems si fir déi nei Kierch vill ze kleng woren an dunn 1882 passend nei Altär zu Rouspert opgestallt gi woren, koumen déi al Rousperter Altär ‚op de Bierg.' Esou ass ons dësen eenzegaartege Patrimoine bis haut erhale bliwwen.

Den Dickweiler Héichaltor seet ons duerch säin Opbau, datt all Kiercheraum e Christusraum ass. Op senger Spëtzt fanne mir Christus um Kräiz ëmgi vu Maria an dem Johannes. De Jesus hëllt ons materan an d'Gemeinschaft vum dräifaltege Gott ugedait duerch d'Figur vun deem ‚ale Mann mat Baart, erhuewener Schöpferhand a Weltkugel' an der Dauf, Symbol vum Hellege Geescht ënnert dem Kräiz. Dorënner als zentral Figur den Äerzengel

Mëchel. Hie gëllt als Türsteher Gottes an Engel vum Geriicht géint dat Béist. Gläichzäiteg erënnert den Draach zu senge Féiss, datt och mir net fäerte brauchen. Dat Béist huet keng Muecht méi. Esou dierfe mir ons un de Glawe vun den Apostelen halen - symboliséiert duerch d'Statue vu Péitrus a Paulus lénks a riets vum Mëchel. Den Tabernakel ass méi rezent an deem vun der Iechternacher Basilika noëmfonnt ginn.

Op der Mauer lénks fanne mir de Muttergottesaltor. Nodeems laang Joren déi aaner Nischen eidelstoungen, goufe virun e puer Joer aus dem Konschthandel dräi Statue vum Schutzengel (uewen), der helleger Elisabeth vun Thüringen (lénks) an der helleger Katherina vu Siena (riets) ugeschaaft.

Eng méi intensiv Betruechtung wéi dësen Artikel méijlech mëcht, verdingt de rietse Säitenaltor vun der Passioun. An sengem zentrale Bild fanne mir d'Leidensintrumenter vum Jesus sengem Kräizwee duergestallt. Iwwert dësem Bild gesi mir dann och de Jesus, dee säi Kräiz dréit an all, déi dem Jesus noginn an deem si hier Kräizer unhuelen an droen. Dës Duerstellungen wëllen och ons Courage maachen fir Misère a Leed z'acceptéieren an esou dem Jesus nozegoen fir da mat him um gudden Ziil unzekommen. Op deem Altor fanne mir dann och verschidden Helleger duergestallt, déi entweder wéi de Jesus de Kräizesdoud fonnt haten oder a Relatioun mam Kult vum hellege Kräiz stinn.

Den Altorretabel, deen ursprünglech zu Dickweiler stoung, steet haut no e puer Emweeër an Dépote vum Kulturministère, an der Kapell vu Giischt. Eng Inscriptioun um Giischter Altordësch erënnert un Dickweiler a verschiddenen Etappe vun deem stengene Kierchemiwwel.

Déi Kapell weist ons, datt op den éischte Bléck onscheinbar Kierchegebaier konschthistoresch Schätz enthale kënnen - och wann d'Siloen an d'Ställ ronderëm méi grouss a méi héich sinn. Wa schon emol ons kleng Uertschaft am Focus steet, da sief erwänt, datt an der Rundstettoffensiv hei Honnerten Zaldoten hiert Liewe gelooss haten an esou de preisesche Virmarsch empfindlech ausgebremst gi konnt. Un engem Haus erënnert eng Plaque un den amerikanesche Krichsreporter an Auteur Ernest Hemingway, deen hei blesséiert a noutversuergt gi wor, ier hien duerno zu Roudemer am Lazarett dem geeschtleche Professer Didier säi Wäikeller eng Plaz an der Weltliteratur ginn huet. Ma déi Geschicht gi mir vläicht gewuer, wann de Parbréif ons op Roudemer kucke léisst. Bis dohinn: Dickweiler gett et wierklech!

Fotoen © Tom Osborne

*Luc Schreiner*



# Faith Post






*Foto: KNA-Bild*

# Liestipp...

## Hans Kessler
## **Evolution und Schöpfung in neuer Sicht**

Topos plus, Neuausgabe 2017 (5. Auflage), 
234 Seiten, 17,95 €




Reegelméisseg kommen ech an Diskussioune mat Leit iwwer d'Verhältnis tëschent Relioun a Wëssenschaft. Fir lescht elo erëm an eiser Virbereedung op d'Firmung huet eng Jugendlech dono gefrot. Sinn d'Texter iwwer d'Schëpfung aus der Bibel, hei besonnesch déi éischt Kapitele vum Buch Genesis, wuertwiertlech ze huelen oder muss een si an eiser héich wëssenschaftlecher Zäit als Märercher klasséieren a vergiessen?

An deene leschte Joerzéngten si ganz vill Bicher zu dësem Thema geschriwwe ginn. Mol schreiwe reliéis Fundamentalisten a behaapten, dass et zimmlech genee esou gewiescht ass, wéi et elo an der Bibel steet. Gott huet vläicht net a reale 7 Deeg d'Welt gemaach mä awer an enger gewësser Zäitspan, déi symboliséiert gëtt duerch dëst Siwen-Deeg-Schema vum éischte Kapitel vun der Genesis. Kreationiste behaapten dass all Wiese genee esou vu Gott gewollt an och geformt goufen.

Genee esou fundamentalistesch argumentéieren dann awer och munch Wëssenschaftler, déi absolutt keng Anung vun der Sprooch a vun der Gedankewelt vun der Bibel hunn. Si interpretéieren déi biblesch Texter zur Schëpfung genee esou wuertwiertlech wéi d'Kreationisten a setzen sech esou an een änlecht Abseits wéi déi.

Mä wéi soll a kann een des Texter aus der Bibel haut verstoen. D'Bibelwëssenschaft huet an de leschte Joerzéngte ganz vill Efforte gemaach, fir des Fro ze klären. Der Erfuerschung vun der Bibel an dem Nodenken iwwer des Texter musse mir haut Rechnung droen, fir d'Bibel wierklech kënnen ze verstoen. Natierlech leien och bis haut vill Feeler an eisem eegene Lager. Munch héich gestalten Theologen, Bëscheef an anerer si bis haut an deem Punkt op engem ganz nidderegen Niveau vu Wëssen. De „Katechismus der katholischen Kirche", deen 1993 publizéiert gouf mécht do keng Ausnam a propagéiert bis haut Virstellungen, déi reliéis wéi wëssenschaftlech net ze hale sinn.

Mat all deenen Theme beschäftegt sech den Hans Kessler a sengem Buch. Och wann déi éischt Ausgab schonn 2009 eraus komm ass, sou ass a bleift dëst Wierk ee ganz gudden a wäertvolle Beitrag, dee jiddereen kann ureegen, fir mat Seriositéit a mat Hannergrondwëssen iwwer dat Thema vun Evolutioun a Schëpfung ze schwätzen. Et ass ee Buch, dat vill falsch Meenungen entlarvt an dat dann och Weeër weist, wéi een an ee gutt Gespréich ee mat deem anere ka kommen. Dëst Buch misst eigentlech jidder Theolog, jidder Chrëscht

an och jidder Naturwëssenschaftler gelies a studéiert hunn. Et geet eben net, dass vun egal wat fir enger Säit mat Platituden a mat Virurteeler operéiert gëtt. Et ass eigentlech erschreckend, wéi desinforméiert an deelweis och desinteresséiert vill Mënschen haut sinn. Opklärung an dësem héich sensibele Beräich un der Grenz tëschent Relioun a Wëssenschaft ass batter néideg. Den Hans Kessler leet mat sengem Buch eng Schëpfungsléier vir, déi op der Héicht vun der naturwëssenschaftlecher Debatt steet. Ech denken, si soll wierklech zur Kenntnis geholl gi vu ganz Villen.

## Justus Geilhufe
## **Die atheistische Gesellschaft und ihre Kirche**

Claudius Verlag München 2023, 136 Seiten, 20,- €




„Die Gewalt zeigte an, dass in der atheistischen Gesellschaft etwas Grundlegendes von dem verloren gegangen war, das unser Leben menschlich gemacht hatte - und das war das Christentum." (S. 25) De Justus Geilhufe, ee protestantesche Paschtouer, Joergang 1990, beschreift a sengem héich interessante Buch de Wee, sécherlech elo fokusséiert op déi eege protestantesch Kierch, aus der Situatioun vun der eemoleger DDR eraus an déi aktuell Zäit, wou hie selwer versicht de Glawe weider ze ginn. Ech sinn iwwerzeegt, dass dëse Bléck net nëmme fir déi protestantesch Kierch gülteg ass, mä dass en och eis als kathoulesch Kierch zum Nodenke kann ureegen. Liewe mir net och an enger Zäit a Welt, déi iwwer ganz grouss Strécken ewech absolutt atheistesch ass?

De Justus Geilhufe ass grouss ginn an engem Paschtoueschhaus. Hien hat do als Kand ee gewësse Schutzraum. An awer huet hie gemierkt, wéivill Gewalt et an der atheistescher Welt vun der DDR an och eben an der Folleg vun der DDR am Oste vun Däitschland gouf. Mä hie gesäit och, dass all dat sech elo haut iwwer ganz Däitschland, jo och insgesamt an Europa ausbreet. „Sie (unsere Gesellschaft) ist bereits jetzt entkirchlicht und der Homo sovieticus, der atheistische Mensch... begegnet mir überall ...". (S. 26)

Mat engem gewëssene sarkasteschen Humor entlarvt hien esou munch Saachen, déi déi atheistesch Welt haut wëll nei maachen an dann dach awer „erschreckend erwartbar und steril" (S. 36) ginn, wéi et hien un enger fräier Hochzäitsfeier noweist. Grad doru weist hie, wéi eis haiteg Gesellschaft engersäits dat Aalt vun der Kierch wollt iwwerwannen an elo dach an enger änlecher Form ëmmer erëm dat Gläicht reproduzéiert an als ganz individuell verkafe wëll.


Déi atheistesch Gesellschaft wëll alles gläich schalten. All Widdersproch muss opgeléist ginn. Dat awer féiert derzou, dass des Gesellschaft schliisslech onmënschlech gëtt. (S. 46) „Während eine totalitäre Gesellschaft die Widersprüche gewaltvoll im Sinn der physischen Bestrafung und Sanktionierung ausrottet, verdrängt sie das atheistische Zeitalter des Geldes. Der einzelne Mensch ist in beiden

egal." (S. 47) Wann ech dee Saz liesen, an op dat kucken, wat haut dacks um politesche Plang geschitt, da froen ech mech an allem Eescht, op mir elo bäi eis an enger totalitärer oder an enger atheistescher Gesellschaft liewen, oder vläicht och a béiden. Wann de Justus Gelihufe vu senger Kanner- a Jugendzäit erzielt, wou ganz Villes extreem onmënschlech war, et mat haut vergläicht an dann zum Schluss kënnt, dass mir grad an eiser moderner Gesellschaft nu wierklech net besser verfueren, da muss ech him recht ginn. Ee Verglach mat Gesellschafte queesch duerch Europa an an alle Länner schéngt mir wuel ubruecht.

„Das Land hier im Osten ist atheistisch." (S. 64) Beim Liese vun dësem Buch hunn ech dacks missten un eis Situatioun denken. Si mir bäi eis net och scho längstens atheistesch ginn? Villes, wat zu Kierch a Glawe gehéiert, ass fort. D'Wëssen iwwer eis Relioun ass esou minim ginn trotz dem Joerzéngte laange Reliounsunterrecht an de Schoulen. Vill ass net hänke bliwwen. An elo, wou et kee Reliounsunterrecht méi gëtt, geet et nach eng Kéier méi séier. Mir huelen nach Ritualer mat am Liewen. Awer d'Bedeitung vun de reliéise Feieren ass eis an der Lëtzebuerger Gesellschaft dann dach och ganz friem ginn. Ech froe mech, op de Justus Geilhufe net och iwwer eis hei geschriwwen huet.

Awer seng Erënnerungen un déi schwiereg Zäite loossen hien och erëm ganz positiv gestëmmt sinn. D'DDR wollt d'Kierch futti maachen, total ausläschen. Gelongen ass et net. Ganz am Géigendeel, d'Kierch huet villméi gehollef d'DDR auszeläschen. Ech froe mech elo allerdéngs, wéi dat da bäi eis soll goen. Ass eis Kierch, ass eisen ale Glawe staark genuch, fir selwer och an dëser atheistescher Zäit ze iwwerliewen, jo nach méi, eng ganz staark Positioun anzehuelen?

*Carlo Morbach*



**Wachet** heißt nicht, dass wir nicht mehr schlafen sollen. Wachen heißt, dass wir Gottes Wirken möglichst nie übersehen und überhören sollen. Wenn wir leben und handeln, soll uns die Gewissheit Gottes begleiten. Dieser Gewissheit Gottes gilt unsere Wachsamkeit. Wer auf ihn achtet, kann ihn auch vernehmen, kann Winke wahrnehmen, Gnade erfühlen und auch Gottes Widerstand erkennen. Wer Gott in seinem Leben wahrnehmen will, sollte wache Sinne haben. Gott ist oft nicht eindeutig, aber möglich ist er schon. Er ist mir nicht fern, aber er drängt sich auch nicht auf. Mit wachen Sinnen werden wir ihn auch erkennen. Und können unsere Zeit vertrauensvoll in Gottes Hände legen.

# Journée mondiale des malades

Dëst Joer feiere mir fir 32. Kéier de Weltdag vun de Kranken. 1992 huet de Poopst Jean-Paul II dësen Dag an d'Liewe geruff an et wäert keen Zoufall sinn, dass dësen Dag den 11. Februar um Festdag vun der Muttergottes vu Lourdes gefeiert gëtt. Grat bäi der Muttergottes zu Lourdes fanne vill Mënsche Kraaft fir d'Leed vu Krankheet oder soss e Misär am Liewen ze droen. An der Oktav bréngen d'Mënschen och hier Suerge mat an d'Kathedral. A wann ech um Graf vum Hellege Willibrord an der Krypta zu Iechternach an d'«Suergebuch» kucken, wat d'Leit u Gebietsuleies androen, dann ass oft vu Krankheet a Leed rieds.

Och dëst Joer huet de Poopst e Message zum Weltdag vun de Kranke mat op de Wee ginn: "À vous qui vivez la maladie, qu'elle soit passagère ou chronique, je voudrais dire: n'ayez pas honte de votre désir de proximité et de tendresse!" Sou schreift de Poopst a sengem Message zum Weltdag vun de Kranken vum 13. Januar 2024.

"Il n'est pas bon que l'homme soit seul. Soigner le malade en soignant les relations." Fir et mat de Wierder vum Buch Genesis 2. Kapitel, 18. Vers ze soen: Et ass net gutt, dass de Mënsch eleng ass.



Wann een an Altersheimer, Fleegeheimer a Spideeler geet, schwätzen d'Leit oft vun hirer Einsamkeet. D'Einsamkeet gëtt nach virun de Krankheeten thematiséiert. Souguer wann hier Famill an hier Frënn reegelméisseg kommen, fille vill Leit sech eleng gelooss an der Krankheet an am Alter. Fir déi Mënsche ronderëm ass et oft schwéier ze verstoen, dass een dee reegelméisseg besicht gëtt, sech verlooss an eleng fille kann.

E Kolleeg an der Pastoral huet sech un engem Bild orientéiert, fir e bëssen op d'Spuer vun den ënnerschiddleche Vue'en op d' Einsamkeet an dem Versteesdemech dofir ze kommen. Hei sinn ënnerschiddlech Schong. Wanderschong, chic Schong, Schong fir de Wanter a Schong fir de Summer, Schong vun ënnerschiddleche Gréissten, Schong fir ënnerschiddlech Geleeënheeten. All dës Schong si schonns gebraucht. Si passen awer net jiddderengem, an och net jiddereen hat se un oder wéilt se undoen. Wann een awer net an engem anere senge Schong mindestens zwou Woche gaangen ass, da kann een de Wee, deen en anere mat senge Schong geet, net verstoen. Et ass e Bild fir ons ze soen, dass een ni sollt vireileg Schlëss iwwer engem anere Mënsch säi Wee zéien. Fir en anere Mënsch ze verstoen, muss een sech genee mat him a sengem Wee beschäftegt hunn. Et muss een eppes erlieft hunn, fir et ze verstoen.

Um Weltdag vun de Kranke wéilt ech eis all invitéieren, keen eleng ze loossen. Dass mir eis beméien, eis op dem Kranke säi Wee, seng Geschicht a seng Situatioun anzeloossen fir hien oder hatt/si ze verstoen.

Villäicht musse mir duerfir eis bequeem Schong emol ausdoen an aner Schong, d'Schong vum Matgoen, dem Versteesdemech an der Léift undoen. Ob se bequeem sinn?

Grat um Weltdag vun de Kranke kucke mer op déi vill Kräizer vum Liewen. Mir sinn net eleng um Wee. Gott ass mat eis, hie reecht seng Hand duerch d'Hänn vun deenen déi mat de Kranke ginn a fir se do sinn. Den 11. Februar 2024 fält op Fuessonndeg. Eng flott Zäit, geselleg mat Musik an Amusement. Duerfir huele mir Iech an engem klenge Film an der Faaschtenzäit eréischt mat an eng Feier mat de Leit an dem engen oder aneren Altersheim. "Ech war krank, an dir hutt mech besicht. " (Mt 25, 36), en Impuls zur Suerg, en Impuls fir keen eleng ze loossen, en Impuls fir mat de passende Schong mat de Kranken ze goen.

*Josiane Mirkes*

# Krankewallfahrt

Basilika St. Willibrord

**Freitag 1. März | 15.00 Uhr**

Messe mit Krankensalbung



## Gebet in der Zeit der Krankheit

Alles, was mein Leben schwer macht,
lege ich in deine Hand, mein Gott.

Ich weiß nicht, warum ausgerechnet ich krank geworden bin.

Ich weiß auch nicht, wie ich alles durchstehen werde.

Werde ich die Kraft finden, werde ich die Geduld haben
und die Gelassenheit, die ich brauche?

Bleibe bei mir und halte mich, und wenn ich nicht weiter kann,
so bitte ich dich, dann trage mich.

aus: Seelsorge Charité Berlin

*Foto: KNA-Bild*



# Dëst & dat...

## Generalversammlungen

- Willibrordus-Bauverein - Donneschdes 14.03. ëm 20.00 Auer am Veräinshaus.
- Basilika-Chouer - Dënschdes 19.03. ëm 19.30 Auer am Veräinshaus
- Frënn vun der Lënster Kierch - Mëttwochs 20.03. ëm 19.30 Auer am Parzenter

## Fraen a Mammen Iechternach

Am Kader vun der Generalversammlung hunn d'Fraen a Mammen hier laangjähreg Präsidentin, d'Madame Zimmer-Heuskin, als Éirepräsidentin gewierdegt. D'Josette huet iwwer 36 Joer d'Sektioun als Präsidentin bei ville Manifestatioune vertrueden a bleift och weider am Komitee aktiv.
Réckbléckend konnt d'Sektioun tëscht 1988 -2002 2.074345.- Luf (ca. 51.421 €) a vun 2003 – 2023 77.824.- € fir gudd Wierker spenden, wat nëmme méiglech war duerch di wäertvoll Ënnerstëtzung an Zesummenaarbecht vun alle Memberen.
Och dëst Joer gouf en Don vun 2.500 € un d'Épiceries sociales vun der Croix Rouge an een vun 500 € un d'Par Regioun Echternach iwwerreecht.







## Fraen a Mammen Uesweller

invitéieren op den "Thé Dansant"

Sonndes, de 25.02.24
vu 15.00-20.00 Auer a Lannen

Entrée: 8,00 €

Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt

Thé Dansant



LOS AMIGOS
Sonndeg, 25.02.2024
zu Uesweller
„a Lannen"
15.00 – 20.00 h

Entrée: 8,00€
Fir Iessen an Drénken ass gesuergt

Org.: Fraen an Mammen Uesweller

# Catéchèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet,
☎ 26720376, 💻 luc.zimmer@cathol.lu
Parbüro: ☎ 720 149 💻 iechternach@cathol.lu

## Gottesdéngschter fir Kanner

- zu **Bäerdref** an der Kierch, Samschdes 2.3.-9.3 -16.3 ëm 16.30 Auer Kannergottesdéngscht
- zu **Befort** an der Kierch, Samschdes ëm 18.00 Auer Kannergottesdéngscht: den 24.2. - 2.3. - 9.3. - 23.3.
- zu **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familljemass
- zu **Rouspert** an der Kierch, all Méindes ëm 18.00 Auer Kannergottesdéngscht

***An de Schoulvakanzen si keng Kannergottesdéngschter***

## D'Lënster Kierchemaisercher...

...ass e Projet fir Kanner aus der Spillschoul a vum Cycle 2.1, all zwou Wochen Freides vun 18.15-19.15 Auer (ausser de Schoulvakanzen). Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den: **23.02.24- 08.03.24 - 22.03.24**

*...un projet au sein de l'église, pour les enfants de la `Spillschoul`et du cycle 2.1, le vendredi , toutes les deux semaines de 18h15 -19h15 (à l'exception des vacances scolaires) , au centre paroissial de Junglinste (15, rue du village).*
*Prochaines dates:* **23.02.24- 08.03.24 - 22.03.24**

## Date mat Gott



Gebietsmoment fir Jugendlecher

***Den Date ass och eng Virbereedung op d'Firmung!***

Déi nächst Treffe sinn:

**Iechternach** 19.00 Auer an der Basilika:
**27.02.24 - 12.03.24 - 26.03.24**

**Lënster** 18.00 Auer am Parzentrum *(15, rue du Village)*
**20.02.24 - 05.03.24 - 19.03.24**

# Dat (Vir-) Lescht


***Unterhalten sich zwei kurzsichtige Adler über Paraglider. „Was hältst du von diesen bunten Vögeln? Miserable Flieger sind das!" – „Ja, grauenvoll. Aber eins muss man ihnen lassen: Man sieht sie immer mit einem ordentlichen Batzen fetter Beute in den Krallen."***







© Pietrzak/DEIKE




Fragt der eine Student den anderen: „Was ist ein Sandwich, das von einem Professor gemacht wurde?" Antwortet der andere: „Wissenschaftlich belegt."





250 Joer
**Lënster Kierch**



# 10.03.2024

## Concert | 16:30
## Zuversicht / Confiance


Kammerchor Staatliche Hochschule für Musik und Darstellende Kunst Stuttgart & Solisten

dir. : Prof. Denis ROUGER

Solisten / solistes :
Linda Bennett, *soprano*
Kathariina Westhäußer-Kowalski, *soprano*
Marlene Frisch, *alto*
Jakob Frisch, *tenor*
Olivier Nilles, *bariton*

a-capella Werke von :
*Wilhelm Berger, John Blow, Johannes Brahms, Peter Cornelius, Felix Mendelssohn-Bartholdy, Francis Poulenc, Max Reger, Denis Rouger, Clara Schumann, Robert Schumann, Heinrich Schütz, Charles Stanford*

**Eintritt / *Prix d'entrée* : 25€**
**Studenten / *Étudiants :* 0€**






# 17.03.2024

## Concert | 16:00

Pueri Cantores & Choeur de chambre du Conservatoire & solistes & orchestre

Oratorium Paulus de Felix Mendelssohn-Bartholdy

dir. : Pierre NIMAX jr.

Solisten / solistes:
Marie-Reine Nimax-Weirig, *soprano*
Manou Walesch, *alto*
Alexander Gebhard, *tenor*
Luc Nilles, *bariton*
Philippe Koch, *1ier violon*

*en collaboration avec le Conservatoire de la Ville de Luxembourg*

**Eintritt / *Prix d'entrée* : 25€**
**Studenten / *Étudiants :* 0€**

Reservierungen
nur durch Anruf unter :
*Réservations*
*uniquement par appel au :*
**(+352) 621 375 295**

Mehr Informationen unter :
*Pour plus d'informations :*

**LensterKierch.lu**

Unter der Schirmherrschaft der Botschaft der Bundesrepublik Deutschland in Luxemburg.

Botschaft
der Bundesrepublik Deutschland
Luxemburg

marcwilmesdesign.lu